# Ditti
# Deckelsmouk



## RECHT OP SCHUTZ

### DROIT À LA PROTECTION

## Ditti Deckelsmouk

PLOPP! Moie Kanner, ech sinn d'Ditti, a wësst dir wat? Ech sinn eng Deckelsmouk, PLOPP, awer net iergendeng Deckelsmouk: ech sinn d'**Recht op Schutz**. Och du hues dat Recht, keen dierf béis mat dir sinn. A wann een net léif mat dir ass, da gëss du beschützt. PLOPP!

## Ditti Tortue

PLOPP ! Bonjour les enfants, je m'appelle Ditti, et devinez quoi ? Je suis une tortue, PLOPP, et pas n'importe quelle tortue : je suis le **droit à la protection**. Toi aussi tu as ce droit, personne ne doit être méchant avec toi. Et si quelqu'un n'est pas gentil avec toi, tu as le droit d'être protégé. PLOPP !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Poli Päerd



## RECHT SOU ZE SI WÉI ECH SINN

DROIT D'ÊTRE COMME JE SUIS

## Poli Päerd

HÜÜÜHHH! Moie Kanner, ech sinn de Poli, a wësst dir wat? Ech sinn e Päerd, HÜHH, awer net iergendee Päerd: ech sinn d'**Recht sou ze si wéi ech sinn**! Kuckt, ech si ganz rosa a gréng getëppelt. Och du bass eenzegaarteg, an dat ass och gutt esou! HÜHH!

## Poli Cheval

HIIIHHH ! Bonjour les enfants, je m'appelle Poli, et devinez quoi ? Je suis un cheval, HIHH, et pas n'importe quel cheval : je suis le **droit d'être comme je suis** ! Regardez, je suis rose avec des taches vertes. Toi aussi, tu es unique, et c'est très bien comme ça ! HIHH !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Pino
# Panda



## RECHT GEHÉIERT ZE GINN

### DROIT D’ÊTRE ÉCOUTÉ ET ENTENDU

## Pino Panda

PSST! Moie Kanner, ech sinn de Pino, a wësst dir wat? Ech sinn e Panda, PSST, awer net iergendee Panda: ech sinn d'**Recht gehéiert ze ginn**. Och wann ech ganz lues schwätzen, ass et wichteg datt ee mir nolauschtert, well meng Stëmm zielt! Och du hues dat Recht, PSST!

## Pino Panda

PSST ! Bonjour les enfants, je m'appelle Pino, et devinez quoi ? Je suis un panda, PSST, et pas n'importe quel panda : je suis le **droit d'être écouté et entendu**. Même si je parle tout doucement, je suis entendu car mon opinion est importante ! Toi aussi tu as ce droit, PSST !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Olivia
# Oktopus



## RECHT OP SPILL AN OCH OP ROU

### DROIT DE JOUER ET AUSSI DE SE REPOSER

## Olivia Oktopus


SCHMATZ, SCHMATZ! Moie Kanner, ech sinn d'Olivia, a wësst dir wat? Ech sinn en Oktopus, SCHMATZ, SCHMATZ, awer net iergendeen Oktopus: ech sinn d'**Recht op Spill an och op Rou**! Och du hues dat Recht, du kanns liesen, spillen, mee och einfach näischt maache wann s du Loscht dorop hues. SCHMATZ, SCHMATZ!

## Olivia Pieuvre

SMAC, SMAC ! Bonjour les enfants, je m'appelle Olivia, et devinez quoi ? Je suis une pieuvre, SMAC, SMAC, et pas n'importe quelle pieuvre : je suis le **droit de jouer et aussi de me reposer**. Toi aussi tu as ce droit, tu peux lire, jouer mais aussi ne rien faire si tu en as envie. SMAC, SMAC !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Filou Fuuss



## RECHT OP WËSSEN

DROIT AU SAVOIR
ET À LA CONNAISSANCE

## Filou Fuuss

FFFFFFF...FFFF..FFF...! Moie Kanner, ech sinn de Filou FFFF...FFFF...FIRWAT! A wësst dir wat? Ech sinn e Fuuss, FIRWAT! Awer net iergendee Fuuss: ech sinn d'**Recht op Wëssen**. Esou wéi s du, wëll ech alles verstoen a wëssen. Firwat kënne Villercher fléien? Firwat kënne Fësch schwammen? FIRWAAAT?

## Filou Renard

POU...POU..POU... ! Bonjour les enfants, je m'appelle Filou, et devinez quoi ? Je suis un renard POU...POU... POURQUOI ! Et pas n'importe quel renard : je suis le **droit au savoir et à la connaissance**. Comme toi, je veux tout savoir et tout connaître. Pourquoi les oiseaux volent ? Pourquoi les poissons nagent ? POURQUOIII ?

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Pinpon
# Pinguin



**RECHT DATT EEN SECH GUTT ËM MECH KËMMERT**

**DROIT QU'ON PRENNE BIEN SOIN DE MOI**

## Pinpon Pinguin

KNOUT, KNOUT! Moie Kanner, ech sinn de Pinpon, a wësst dir wat? Ech sinn e Pinguin, KNOUT, KNOUT, awer net iergendee Pinguin: ech sinn d'**Recht datt een sech gutt ëm mech këmmert**. Och du hues dat Recht, egal wous du bass, et ass ëmmer ee fir dech do, KNOUT, KNOUT.

## Pinpon Pingouin

KNOUT, KNOUT ! Bonjour les enfants, je m'appelle Pinpon, et devinez quoi ? Je suis un pingouin, KNOUT, KNOUT, et pas n'importe quel pingouin : je suis le **droit qu'on prenne bien soin de moi**. Toi aussi tu as ce droit, peu importe où tu es, il y a toujours quelqu'un pour veiller sur toi, KNOUT, KNOUT.

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Hoppla Hues



## RECHT OP GESONDHEET

### DROIT À LA SANTÉ

## Hoppla Hues

AUAAA! Moie Kanner, ech sinn den Hoppla, a wësst dir wat? Ech sinn en Hues. AUAAA, awer net iergendeen Hues: ech sinn d'**Recht op Gesondheet**. Och du hues dat Recht. Wann s du dir wéi gedoen hues, gëss du getréischt a gepfleegt, villäicht mat enger Plooschter. AUAAA!

## Hoppla Lapin

AIIIIIEEEE ! Bonjour les enfants, je m'appelle Hoppla, et devinez quoi ? Je suis un lapin, AIIIIIEEEE, et pas n'importe quel lapin : je suis le **droit à la santé**. Toi aussi tu as ce droit, quand tu t'es fait mal, tu as le droit qu'on te réconforte et qu'on te soigne, peut-être avec un sparadrap. AIIIIIEEEE !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Fadi
# Fräsch



## RECHT OP ENG PROPPER ËMWELT

DROIT À UN ENVIRONNEMENT PROPRE

## Fadi Fräsch


QUAAK, QUAAK! Moie Kanner, ech sinn d'Fadi, a wësst dir wat? Ech sinn e Fräsch, QUAAK, awer net iergendee Fräsch: ech sinn d'**Recht op eng propper Ëmwelt**. QUAAK, wat ass dat do? O nee, am Bësch, am Séi an op der Spillplaz, soll keen Dreck leien, mee an der Poubelle! QUAAK!

## Fadi Grenouille

COÂÂ, COÂÂ ! Bonjour les enfants, je m'appelle Fadi, et devinez quoi ? Je suis une grenouille, COÂÂ, et pas n'importe quelle grenouille : je suis le **droit à un environnement propre**. COÂÂ, qu'est-ce que c'est que ça ? Ohhh non, dans la forêt, autour du lac et sur le terrain de jeu, il ne doit pas y avoir de déchet par terre mais dans la poubelle. COÂÂ !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Whoopi
# Wollef



## RECHT OP MATMAACHEN

DROIT DE PARTICIPER

## Whoopi Wollef

AWUUHHH! Moie Kanner, ech sinn de Whoopi, a wësst dir wat? Ech sinn e Wollef, AWUUH, awer net iergendee Wollef: ech sinn d'**Recht op Matmaachen**. A mengem Ruddel hunn ech d'Recht alles ze maache wéi déi aner och an et gëtt dofir gesuergt datt ech bei allem matmaache kann, wann ech dat wëll. Och du hues dat Recht. AWUUUHHHH!

## Whoopi Loup

AOUUHHH ! Bonjour les enfants, je m'appelle Whoopi, et devinez quoi ? Je suis un loup, AOUUHH, et pas n'importe quel loup : je suis le **droit de participer**. Dans ma meute, j'ai le droit de tout faire comme les autres et on s'assure toujours que je puisse participer si j'en ai envie. Toi aussi tu as ce droit. AOUUUHHHH !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**



# Mila
# Maulef



## RECHT OP HËLLEF

DROIT À L'AIDE

## Mila Maulef

GRRP, GRRP! Moie Kanner, ech si d'Mila, a wësst dir wat? Ech sinn e Maulef, GRRP, GRRP, awer net iergendee Maulef: ech sinn d'**Recht op Hëllef**. Wann de Buedem staark wackelt, da kennt ee mech retten. Och du hues d'Recht gerett ze ginn, wann s du Hëllef brauchs. GRRP, GRRP!

## Mila Taupe

GRRP, GRRP ! Bonjour les enfants, je m'appelle Mila, et devinez quoi ? Je suis une taupe, GRRP, GRRP, et pas n'importe quelle taupe : je suis le **droit à l'aide**. Si le sol tremble fort, quelqu'un peut venir me sauver. Toi aussi tu as le droit d'être sauvé si tu en as besoin. GRRP, GRRP !

**'t ass mäi Recht, 't ass däi Recht, 't sinn d'Rechter vum Kand!**

**J'ai des droits, tu as des droits, on a tous des droits !**

